




- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.



- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

*d'Chamber online op
www.chd.lu*

10. 6192 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°1007/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 sur le commerce des produits dérivés du phoque

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, nodeems mer elo am Mier waren, gi mer bei en Déier am Mier. Dat sinn dann d'Robben. Mat dem virleidende Gesetzesprojet soll dat europäesch Reglement N°1007 aus dem Joer 2009 an nationaalt Recht émgesat ginn. Et geet am Speziellen ém d'Sanktiounen am Handel mat de Produkter vun de Robben.

D'Juegd op déi ausgewuessen Déiere respektiv déi jonk Déieren, déi virun allem an den nordesche Länner bedriwwen gëtt, ass eng grausam Praxis. Déi ugewannte Methoden, mat denen d'Déieren ofgeschluecht ginn, sinn an de meeschte Fäll guer net aartgerecht a stousse bei ville Regierungen a bei deene meeschte Matbierger uechtern d'Welt op eng grouss Oflehung.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- D'Doutschloen ass gewéinlech net aartgerecht!

► **M. Marcel Oberweis** (CSV), rapporteur.- E puer Wieder iwwert déi desartréis Praxis. Den internationale Fong fir de Schutz vun den Déieren schreift, dass ronn 1,5 Millioun Robbe bannent de leschte fënnef Joer eleng a Kanada masakréiert goufen, an dat némme, fir de Pelz vun déisen Déieren ze kréien an deen op de Marché ze werfen. Déi 30 Aarte vu Robben, déi an de Mierer schwammen, weisen haut nach eng Populatioun vu ronn 16 Milliouen op. U sech sinn et Kanada, Grönland an Namibia, eent vun onse Pays cible vun der Dréttwelthelf, déi ronn 60% vun den 900.000 Déiere pro Joer ofschluechten.

A senger Deklaratioun vum 26. September 2006 iwwert de Verbuet vum Handel mat de Produkter aus dem net aartgerechten Handel hat d'Europaparlament scho virgeschloen, dass eng appropriéiert Reglementatioun an désem Beräich geholl sollt ginn. Och de Conseil de l'Europe huet sech fir esou en Handelsverbuet ausgeschwatt. Hien huet a senger Recommandatioun vum 17. November 2006 déi Länner opgefuerert, déi déi net aartgerecht Juegd erlauben a praktizéieren, all Juegdmethoden ze verbidden, déi net den direkten Doud vum Déier zur Folleg hunn.

D'Europaparlament ass weider géint esou eng Zort vu Juegd an huet duerfir a senger Deklaratioun vum 16. September 2009 iwwert de Verbuet vu Produkter aus dem

Handel mat Robben an der Europäischer Unioun déi Europäesch Kommissioun nach eng Kéier opgefuerert, endlech e Reglement auszeschaffen. Dat soll souwuel de Verbuet, den Import, den Export an de Verkauf vun de Produkter vun deen Déiere verbidden, déi op dès Manéier erschoss respектив erschloe goufen.

Nodeems d'Wéssenschaftler an de leschte Jore festgestallt hunn, dass een d'Robben och ouni Péng, Stress a soss eng Souffrance doutmaache kann, huet d'Europäesch Unioun dat Reglement 1007 vum 16. September 2009 publiziert, déi den Handel mat de Produkter vun de Robbe streng regelt. Dat Reglement ergänzt déi kommunautär Gesetzgebung an désem Beräich aus dem Joer 1983, wou et ém den Importverbuet vun dem Pelz vun de Baby-Phoqué geet.

Mat dem virleidende Gesetzestext setze mer haut verschidde Modalitéité vun désem Reglement ém. Deen ass den 20. September vun désem Joer vun dem delegéierten Nohaltegeeketsminister hei an der Chamber déposéiert ginn. An der Réunioun vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung ass de Rapport den 11. November 2009 ugeholl ginn.

Dat europäesch Reglement, wat mer duerch dése Gesetzestext émsetzen, harmoniséiert d'Regelen an der Europäischer Unioun, virun allem d'Wuel vun den Déieren, d'Juegdmethoden an d'Formatioun vun de Jeeér, d'Iwwerwaachung, dat heescht den Import, den Export, den Transit an d'Vermaartung vun de sougenannte Produkts dérivés vun de Robben. De Projet de loi gesäßt och d'Identifikatioun vun de kompetenten Autoritéité fir d'Exekutioun vum Reglement vir.

Derniewent ginn d'Infractiounen, déi sech mat der Applikatioun vun dem Projet de loi erginn, preziséiert. Ausserdeem si penal Strofe virgesinn, wa géint dést Reglement verstouss gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hale mer just fest, den Import, den Export, den Transit an d'Vermaartung bannent der Europäischer Unioun si verbueden, ausser dès Produkter stame vun traditionelle Juegden, wéi se énner anerem vun den Inuit oder aneren indigene Populatiounen praktiziert ginn.

Den allgemenge Verbuet zielt och net, wann d'Produkter aus enger reglementéierter Juegd stamen oder aus enger Juegd, déi aartgerecht ofgelaf ass, dat heescht ouni Péng fir d'Déieren. Dës Ausnahm zielt némme dann, wann duerch e Certificat, eng Étiquette oder eng Mark nogewise ka ginn, dass déi virgenante Kritären erfëllt goufen.

Wat de Gesetzestext selwer ubelaangt, deen duerch den Avis vum Statsrot op verschidde Punkten huet missen émgeänert ginn, hei déi wichtegst Elementer:

Am Artikel 1 ginn d'Kompetenze vun den Autoritéité festgeluecht, déi sech mam Émsetze vum Reglement beschäftegen.

Den Artikel 2 regelt déi administrativ Meuren, déi getraff musse ginn, wann eng Infractioun bei der Vermaartung vun de Produkter am Robbenhandel festgestallt ginn ass.

Déi Fonctionnaires, déi mat der Feststellung an der Recherche vun Infractiounen beoptraagt sinn, ginn am Artikel 3 definiert. Si hunn d'Qualifikatioun vum Officier de police judiciaire, OPJ.

Am Artikel 4 ginn d'Konditiounen festgehalten, no deenen déi am Artikel 3 genannte Fonctionnaires den Zoutrëtt fir eng Kontroll kréien. Et ginn hei zwou Zorte vu Kontrollen: éischters, a Gebaier, wou Mënsche wunnen; an zweetens, do, wou keng wunnen. Am éischte Fall dierf eng Visite némme mat engem Duerchsuchungsbefehl téschent hallwer siwe moies an aacht Auer owes geschéien. Am zweete Fall kënnen dès Kontrolle ronderëm d'Auer gemaach ginn.

Am Artikel 5 ginn d'Modalitéité festgeluecht, wat fir Piècē bei der Kontroll virgeluecht musse ginn. Och kënnen d'Agente Prouwen op der Plaz huelen, fir eng Analys duerchzeféieren.

Am Artikel 6 gëtt op den Droit d'agir en justice fir déi agrééiert Émweltassociatioun higewisen; an dat am Geescht vum modifizierte Gesetz vum 19. Januar 2004 an dem Gesetz vum 15. Mäerz 1983 vun den agrééierten Associatiounen.

Am leschten Artikel ginn dann explizit Strofe festgeluecht, déi ee sech zouzéie kann, wann ee géint de Gesetzestext verstéisst. Dës Strofe kënne sinn: eng Prisonsstrof vun aacht Deeg bis zu engem Mount oder Amendé vu bis zu 100.000 Euro.

Mir sollten och net vergiessen, dass mer am Joer vun der Biodiversitéit stinn, wou et ém d'Protektioun vun den Déieren an der Planzwelt geet. Däerf ech hei just nach eng Kéier kuerz erënneren un déi vill Deklaratiounen vun der Konferenz vun Nagoya a Japan? Mir sollten eis zur Devise maachen, dass mer alles drusetzen - dat fält heiansdo schwéier -, dass d'Planzen-an hei am Speziellen d'Déierewelt net mat Féiss getréppelt solle ginn.

Mat dése puer Detailer zum Gesetzestext, Merci fir d'Nolauschteren, an den Accord vun der CSV ass heimat och derbäi.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Oberweis. Als éischte Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Ech wéilt och direkt dem Rapporteur Merci soe fir säi kuerzen awer ausférleche Bericht.

Här President, mir kennen allegueren déi - ech géif soen - dramatesch Biller, wann zu honnerten oder zu dausende Robben op eng brutal Aart a Weis niddergemaach an ofgeschluecht ginn. Ech hätt am léifsten, wann d'Juegd op dës Déierenaart weltwàit komplett géif verbueden ginn, an ech bedaueren, datt an dése Froe wéi och beim Schutz vun aneren Aarten aus dem Mieresmilieu keng international Accordé fonnt ginn.

Ech mengen, déiselwecht Fro stellt sech zum Beispill beim Offésche vum Thon. Ouni an all déi Dossieren anzegoen, kann ech einfach némme relativ pessimistesch feststellen, datt hei am Endeffekt d'Konklu-

sion ass: De Benefiss an de Fric, déi gi virun der Moral an dem Schutz vun den Déieren an der Biodiversitéit.

Bon, dat Reglement hei gesäßt vir, datt hei némme solle Produit-dérivé benutzt ginn. Et muss ee sech iwwerhaapt froen, firwat datt een dann d'Produkt vu Robbe brauch an eiser moderner Zivilisatioun. Kéinte mer net iwwerliewen ouni Produit vu Robben? Ech mengen, hei geet et haapsächlich ém Luxusartikelen, wéi zum Beispill Feller, oder och zum Deel aner méi dubiéis Produkten, wou et dann ém d'Potenz an ech weess net wat geet.

D'Reglement gesäßt elo hei méi streng Regèle bei däi Juegd op d'Robbe vir. Am Rapport geet da Rieds vun „Bien-être animal lors de la mise à mort“. Et muss een eigentlech soen, et ass eng relativ perfid Formulatioun, fir dat Ganzt dann op e méi - wéi soll ech soen? - verdaulechen Nenner ze bréngen. Hei kann ee sech zum Beispill d'Fro stellen: Wéi gëtt dann herno kontrolléiert, wa weiderhin d'Juegd op d'Robbe gemaach gëtt? Ass do bei all Jeeér een derbäi, deen dat da kontrolléiert?

Virdrun ass och Rieds gaangen, datt jo eigentlech dann och némme solle Produit-dérivé vu Robbe benutzt ginn, déi no enger traditioneller Aart a Weis gejot gi si vun Inuiten. Mä d'Inuiten, déi joen dach némme fir sech selwer, fir z'iessen. Déi brauchen näischt an Europa oder soss an d'Welt ze verkafen! Also huet dat Ganzt eigentlech e gewëssenen Non-sens.

Bon, fir et kuerz ze maachen, mir können also net hei zu Létzburg genuch drop awierken, fir datt dat weltwàit soll verbueden ginn. Dat heiten ass alt wéinstens e klänge Schrëtt an déi richteg Richtung, datt mer hei op europäeschem Niveau eis Aufgab - eis kleng Aufgab - maachen. Mä mir musse weiderhin derfir œuvréieren, datt mer hei an Europa a weltwàit eis derfir asetzen, datt schlussendlech d'Juegd op déi Déierenaart, op d'Robbe komplett verbueden gëtt. Dat gesot, géif ech dann och den Accord vu menger Fraktioun derzou abréngen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président**.- Merci dem Här Berger. Als nächste Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann** (déi Lénk).- Här President, engersäits kann een natierlech net géint déi Restriktiounen sinn, déi hei virgesi sinn an däi Légitatioun, déi mer hei solle stëmmen. Op däi anerer Säit stellen ech mer déiselwecht Fro awer, déi den Här Berger gestallt huet: Brauche mir dann iwwerhaapt hei Produkter vu Robben? Brauche mer se?

Dass ee Leide bei Déiere vermeit, och dann, wann ee se dout mécht, dat ass och an der Rei. Awer ech fannen eigentlech ganz oft an offiziellen Texter - och vun der Europäischer Unioun -, wann et ém d'Déiere geet en Zynismus oder eng Hypokrisie, déi dem deklarierten Zweck net ka gerecht ginn. Den Här Berger huet schonn dorborber higespillet, wann do steet «les produits proviennent...» - also, et wier erlaabt, wann - «...les produits proviennent de phoques morts dans des conditions res-



SÉANCE 9

MARDI, 30 NOVEMBRE 2010

Sommaire des séances publiques n°s 6, 7, 8 et 9

Résolution relative à la proposition de directive du Parlement européen et du Conseil établissant un espace ferroviaire unique européen (document COM (2010) 475 final) p. 65-66

Résolution relative à la proposition de décision du Parlement européen et du Conseil établissant le premier programme en matière de politique du spectre radioélectrique - COM (2010) 471 p. 67

Ordre du jour p. 67

Déclaration de politique européenne et étrangère présentée par M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre, Ministre des Affaires étrangères p. 67-71

Retrait du rôle des affaires de la Chambre des Députés p. 71

Communications p. 72

Débat sur la politique européenne et étrangère p. 72-84

Communication p. 85

- Remplacement d'un Conseiller à la Cour des Comptes p. 85

Question urgente n°1014 de M. Félix Braz relative au budget de l'OLAI p. 85-86

6137 - Projet de loi relatif à l'aménagement du boulevard Raiffeisen et du boulevard Kockelscheuer dans le cadre de la construction du réseau routier du ban de Gasperich et

6146 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire p. 86-90

Constitution de la «Sous-commission Création d'un droit européen des contrats pour les consommateurs et les entreprises de la Commission juridique (SCCJ)» p. 90

5993 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement de la construction à Gasperich de nouveaux bâtiments pour l'Ecole Française de Luxembourg et pour le Lycée et Collège Vauban p. 90-93

5976 - Projet de loi relative à l'introduction des normes comptables internationales pour les entreprises modifiant

1. la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

2. la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

3. l'article 13 du Code de Commerce p. 93-94

Heure d'actualité demandée par le groupe DP sur le plan d'action national en matière d'énergies renouvelables p. 94-98

Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur la stratégie du Gouvernement en relation avec la réorganisation des réseaux de distribution d'énergie au Luxembourg p. 98-100

Question avec débat n°15 de M. Robert Weber relative au Conseil supérieur de la Mutualité (CSM) p. 100-101

Résolution relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil portant modification du règlement (CE) n°1698/2005 du Conseil concernant le soutien au développement rural par le Fonds européen agricole pour le développement rural (Feader) (document COM (2010) 537 final) p. 102-103

Résolution relative à la proposition de règlement du Parlement européen et du Conseil modifiant le règlement (CE) n°73/2009 du Conseil établissant des règles com-

munes pour les régimes de soutien direct en faveur des agriculteurs dans le cadre de la politique agricole commune et établissant certains régimes de soutien en faveur des agriculteurs (document COM (2010) 539) p. 103

Résolution relative aux propositions de règlement du Parlement européen et du Conseil

- modifiant le règlement (CE) n°1467/97 du Conseil visant à accélérer et à clarifier la mise en œuvre de la procédure concernant les déficits excessifs (COM (2010) 522),

- sur la mise en œuvre efficace de la surveillance budgétaire dans la zone euro (COM (2010) 524),

- modifiant le règlement (CE) n°1466/97 relatif au renforcement de la surveillance des positions budgétaires ainsi que de la surveillance et de la coordination des politiques économiques (COM (2010) 526),

ainsi que d'une proposition de directive du Conseil sur les exigences applicables aux cadres budgétaires des États membres (COM (2010) 523) p. 103-104

Communications p. 104

Ordre du jour p. 104

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°89 du 30 novembre 2010 de M. Roger Negri relative aux récents développements concernant l'installation d'un radar sol à l'aéroport de Findel, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 104-105

- Question n°90 du 29 novembre 2010 de M. Fernand Etgen relative aux délégués de sécurité dans les établissements scolaires communaux, adressée à M. le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative p. 105

- Question n°91 du 24 novembre 2010 de M. Gast Gibéryen relative aux conducteurs de train, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 105

- Question n°92 du 29 novembre 2010 de M. André Bauler relative à la carte de légitimation des médecins, adressée à M. le Ministre de la Santé et à M. le Ministre de la Sécurité sociale p. 105

- Question n°93 du 29 novembre 2010 de M. Eugène Berger relative au revêtement obligatoire de pneus d'hiver, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 105-106

- Question n°94 du 29 novembre 2010 de M. Xavier Bettel relative aux observations et filatures des services de sécurité de l'Ambassade des États-Unis et la protection des données à caractère personnel, adressée à M. le Ministre des Communications et des Médias p. 106

6145 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques p. 106-110

6198 - Projet de loi portant approbation du Protocole modifiant le Protocole sur les dispositions transitoires annexé au Traité sur l'Union européenne, au Traité sur le fonctionnement de l'Union européenne et au Traité instituant la Communauté Européenne de l'Énergie Atomique, fait à Bruxelles, le 23 juin 2010 p. 111

6186 - Projet de loi portant approbation des Amendements aux Annexes II et III de la Convention de Paris du 22 septembre 1992 pour la protection du milieu marin de l'Atlantique du Nord-Est (OSPAR) relatifs au stockage des flux de dioxyde de carbone dans les formations géologiques, adoptés lors de la réunion de la Commission OSPAR, qui s'est tenue à Oostende (Belgique) du 25 au 29 juin 2007 p. 112-113

6192 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) n°1007/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 sur le commerce des produits dérivés du phoque p. 114-115

pectant le bien-être de l'animal». Respecter le bien-être de l'animal en l'abattant: Dat geet einfach net! Da muss een op d'mannst déi Texter anesch formuléieren, fir dass se e bësse méi éierlech kléngen.

Ofgesin dovnunner froen ech mech, ob wierklech déi Kontrollen dann esou herno funktionnéieren, dass ee sech op déi Certificaté ka verlossen. Ech woen dorunner e bëssen ze zweifelen.

An da mengen ech zum Schluss, dass mer an deem Beräch vum Déiereschutz - oder wéi een et émmer wéllt nennen - eigentlech nach vill nozehuelen hunn, souwuel wat Importer betréfft wéi och wat eis ege Praxis hei innerhalb vun der Europäescher Unioun betréfft. An deem Senn wënschen ech lech allegueren elo scho gudden Appétit fir dee Foie gras, deen elo bei deene Festdeeg op den Teller kënnnt.

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.** - Merci dem Här Hoffmann. Da kritt nach d'Wuert den delegerierten Nohaltegeketsminister.

► **M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures.** - Merci, Här President. Ech mengen, datt deene verschiddene Bäitrag näischte baiiezfügen ass. Och Merci dem Rapporteur, dem Marcel Oberweis. Dat Eenzegt, wat mer agefall ass, wéi ech elo den Här Berger an och den Här Hoffmann héieren hunn, dat ass, datt et vläicht eng Kéier spannend kéint sinn, och eng Kéier hei am Haus iwwert d'Erhale vun der biologescher Villfalt ze diskutéieren.

Ech muss soen, datt ech jo viru kuerzem zu Nagoya war, a wann een héiert, wat weltwäit, awer och um Niveau vun der EU,

sech beweegt respektiv wat och zum Deel katastrohal ass, wéi eis biologesch Villfalt eigentlech zum Deel d'Baach erofgeet, da mengen ech, datt et schonn eng Kéier sénnvoll kéint sinn, fir op dee Sujet zréckzkommen.

Ansonste Merci nach eng Kéier fir déi verschidde Bäitrag.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6192 ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen an 8 Enthalungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Raymond Weydert), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Félix Eischen), Ali Kaez, Marc Lies, Mill Majerus (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol),

MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Carlo Wagner), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter; M. André Hoffmann.

Wéllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënnnt muer um hallwer dräi nees zesummen. D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.38 heures)

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg